Groupe parlementaire

Depot: Fred Keup

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2024

HA - Diminution du nombre de personnes parlant le luxembourgeois.

2

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Visibilitéit vum Lëtzebuergeschen am ëffentleche Raum vu grousser Bedeitung ass: *"wat d'Sprooch am Alldag méi dacks ze gesinn ass, wat de Virwëtz an den Interessi och bei den auslännesche Matbierger eropgeet. A virun allem hëlleft et deenen, déi Lëtzebuergesch-Course gemaach hunn an elo d'Sprooch och üben an notze wëllen, a wann et nëmmen ass, fir se ze gesinn a se liesen ze kënnen. Et ass och e wichtegt Signal, datt d'Lëtzebuerger hir Sprooch héich halen."* (Actioun Lëtzebuergesch);

ass sech bewosst, datt

- et am ëffentleche Raum ëmmer nach eng Predominanz vum Franséische géintiwwer dem Lëtzebuergesche gëtt, wat een u Begrëffer wéi „Maison relais" (amplaz „Kannerhaus" oder „Kannernascht") oder „Stade de Luxembourg" (amplaz „Stadion vu Lëtzebuerg") erkennt;

fuerdert d'Regierung op,

- sech fir eng méi grouss Visibilitéit vum Lëtzebuergeschen am ëffentleche Raum anzesetzen, *"z.B. bei der Begréissung op der Grenz, um Flughafen, op den touristesche Schëlter op den Autobunnen, de Websäiten, op de soziale Medien, un de Gebaier, bei de Publikatiounen, de Formulären, op de Schëlter, Timberen, bei de Bus-, Zuch- an Tramstatiounen, op de Plazen an de Stroossen"*. (Actioun Lëtzebuergesch).

Fred Keup